LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°5001 vun der éierewäerter Deputéiert Octavie Modert

• Gouf de Japankäfer schonn zu Lëtzebuerg nogewisen? A wa jo, wou a wéini, a wéi eng Moossname goufen doropshin ergraff?

Nee, de Japankäfer gouf nach net zu Lëtzebuerg nogewisen.

• A wéi enge Länner a Regioune gouf de Japankäfer bis elo nogewisen, a wéi no leien déi bekannte Plazen bei der Lëtzebuerger Grenz?

De Japankäfer gouf natierlech a senger Heemecht Japan nogewisen, mee doriwwer eraus och an den USA, Kanada, Irak a Russland. An Europa ass e momentan present an der Schwäiz, a Portugal an op den Azoren, an Italien an an Däitschland. Vereenzelt Kiewerleke sinn a Spuenien an a Frankräich fonnt ginn. An dëse leschte Fäll kann een net vun engem Ausbroch schwätzen, well et sech ëm eenzel Déieren handelt. Hei ginn trotzdeem virsiichtshallwer Eradicatiouns-Moossnamen duerchgefouert fir de Risiko ze miniméieren.
Déi Fäll, déi am noosten u Lëtzebuerg fonnt gi sinn, sinn déi an Däitschland: ëmmer erëm e puer Exemplare säit 2022 a Baden-Württemberg. 2025 goufe jeeweils 1 a Bayern, 1 a Brandenburg an 5 a Hessen (bei Frankfurt-am-M.) fonnt, an en éischte Fond a Niedersachsen (bei Hannover) wor am Juli 2026. Déi meescht vun dëse Fäll si sougenannten ‚hitch-hiker', déi op oder an engem Gefier aus enger kontaminéierter Regioun fortkomm sinn. Am Fall vun Hessen handelt et sech ëm en Ausbrochsgebitt bei Trebur. Do goufen 2026 am ofgegrenzte Gebitt méi wéi 400 Japankäfer gefaangen. Domat läit dat nooste Virkomme vum Japankäfer ronn 200 km vun der Lëtzebuerger Grenz ewech. Och den internationalen Handel spillt eng wichteg Roll bei der Verschleefung vun esou Schädlingen.

• Wéi eng Risike géifen duerch eng Ausbreedung vum Japankäfer zu Lëtzebuerg entstoen, besonnesch fir d'Landwirtschaft, den Uebst- a Wäibau souwéi fir Gäert a Grénganlagen?

Den erwuessene Japankäfer frësst u méi wéi 300 Planzenaarten. Dozou gehéieren Uebstbeem, Bësch- a Parkbeem, Gromperen, Mais, Geméiszorte wéi Bounen, Tomaten a Spargelen, an Zierplanze wéi Rousen, Dahlien, Asteren an Heed. Och Rief, Hammbier, Schwaarzbier an Happ zielen zu senge Wiertsplanzen.

D'Larve vum Japankäfer (Engerlingen) friesse virun allem Graswuerzelen. Dofir kënnen och Grénglan, Rollrasen a Sportsterraine befall ginn. Wann déi erwuesse Käferen a grousser Zuel optrieden, kënnen si a kuerzer Zäit ganz Planzebestänn kalfriessen.

Well de Japankäfer sech vun sou ville verschiddene Planzen erniere kann, kann hien sech séier iwwer grouss Fläche verbreeden. Wann dat passéiert, ass et vill méi schwéier, en ze bekämpfen. Dofir ass et wichteg, déi éischt Exemplaren, déi an d'Land kommen, fréi z'erkennen an direkt Bekämpfungsmoossnamen anzeleeden.

• Wéi kann een de Japankäfer erkennen a vun änlechen heemesche Käfer ënnerscheeden?

Den erwuessene Japankäfer (Popillia japonica) ass oval an 8 bis 11 mm laang. Säi Kapp a säin Halsschëld blénke metallesch gréng, a seng Deckflilleke si kofferbrong. Dat opfällegst Erkennungszeeche sinn déi wäiss Hoerbüschelen um Hannerleif. Op all Säit sinn der fënnef, an um hënneschten Enn sinn der nach zwee. En anert Mierkmol ass, datt e bei Stress 1-2 Patten horizontal ewechstreckt.

• Wou a wéi kann d'Bevëlkerung e Verdachtsfall mellen?

Am Verdachtsfall sollen d'Leit d'Déier fotografëieren an de geneeë Standuert opschreiwen an dat da beim Planzeschutzservice vun der ASTA melle per Email un phytopathologie@asta.etat.lu oder per Telefon un de 45 71 72 – 277 /-275.

• Wéi soll ee sech verhalen, wann een e verdächtege Käfer fënnt?

D'Déier soll net futti gemaach ginn, well et ganz oft mat engem harmlosen eenheemesche Kiewerlek verwiesselt gëtt.

• Wéi eng Iwwerwaachungs- a Preventiounsmoossname ginn et zu Lëtzebuerg, a wéi ginn d'Bevëlkerung an déi betraffe Beruffsgruppen iwwer de Japankäfer informéiert?

Wéi fir all déi relevant Quarantaine-Schuedorganismen gëtt all Joer zu ugepasster Zäit an op ugepasste Standuerter e Monitoring am Land gemaach, wou speziell Pheromon-Falen opgehaange ginn, déi wärend der Aktivitéitszäit vum Japankäfer reegelméisseg inspizéiert a gewiesselt ginn.
Zu de meeschte relevante Schädlingen huet de Planzeschutzservice e Flyer mat Fotoen an Erklärungen erausginn, deen um Landwirtschaftsportal ze fannen ass: https://agriculture.public.lu/de/pflanzen-boeden/pflanzenschutz-gesundheit/quarantaeneschadorganismen.html .
Ausserdeem ginn Informatiounsreunioune mat de relevante Servicer vun de Gemengen ofgehalen an déi jeeweils relevant professionell Acteure wéi z.B. Landschaftsgärtner ginn direkt ugeschriwwen. Schliisslech gi mat Virträg um Wäibaudag, um Geméisbaudag, um Uebstbaudag an um Dag vun der Landwirtschaft op d'Problematik vun dësen Schädlinge opmierksam gemaach.
Falls Gemengen eng Informatiounsversammlung fir hir Bierger heizou wëllen organiséieren, kënnen si och gären de Planzeschutzservice kontaktéieren.
Am Fall vun engem Fond gëtt en adaptéierten offizielle Communiqué vum Landwirtschaftsministère erausgi mat alle bekannten Informatiounen an dem Opruff un déi betraffe Bevëlkerung fir aktiv un der weiderer Präventioun oder Bekämpfung deel ze huelen.

Lëtzebuerg, den 18. November 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau